23.4.84

# H E I N E R S C H E I D

Schreckenszeit 194o - 1944

Im Norden des Landes ist der Resistenzgeist stark. Die Ortschaften Heinerscheid und Kalborn bereiten dem Unterdrücker grösste Sorgen. Beredtes Zeugnis hiervon gibt ein Bericht des NSDAP - Bonzen Jakobs an den Gauleiter. Am 16. Mai 1944 schreibt er wörtlich : "Das Gebiet der Ortsgruppe Heinerscheid ist seit 194o bis heute der am schwersten zu bearbeitende Ortsgruppenbereich des Kreises. In diesem Bereich ist ein sehr grosser Teil der Wehrdienstpflichtigen desertiert. Die Desertionen werden von der Bevölkerung begünstigt. Die Deserteure selbst halten sich zum grössten Teil innerhalb der Ortschaften oder in den umliegenden Wäldern auf und werden von der Bevölkerung versorgt. Sie bilden eine Gefahr für die öffentliche Sicherheit und insbesondere für die persönliche Sicherheit der politischen Leiter."
Die Zahl der Refraktäre und der politischen Flüchtlinge wuchs zusehends. Am 4. August 1943 richtete der Nazi-Bürgermeister Eg. Wolter aus Heinerscheid an die Sicherheitspolizei in Diekirch schriftlich die dringende Bitte nach Haussuchungen in seiner Gemeinde. Er schrieb: "Es muss mit aller Schärfe vorgegangen werden - man braucht auf niemanden Rücksicht zu nehmen."
Dieser Aufforderung kamen die Nazischergen mit Begeisterung nach. Polizei- und Gestapobesuche lösten sich ab. Leiter des Gendarmeriepostens Weiswampach war der Fanatiker Franz Bakka, Schlächter im Privatberuf. So wurden die ersten Verstecke und Refraktäre entdeckt, die ersten Verhaftungen vorgenommen.
Die Refraktäre : das Bruderpaar Jungels Pierre (1923) und Alphonse (1925), die Zwillinge Kremer Alphonse und Willy (1921) mussten ihr unsicher gewordenes Versteck bei ihren Eltern verlassen und zogen es vor, in freier Natur die Befreiung abzuwarten. Ihnen hinzu gesellte sich Frères Josy ( 1924).

JPG to PDF Lite

In unermüdlicher Tages- und Nachtschicht hoben sie in einem dichten Fichtenwald, zur Ourseite hin, Ort genannt im Pesch, einen geräumigen Bunker aus. Sie richteten sich dort häuslich ein und kochten nur frühmorgens. Die überschüssige Erde trugen sie mit Eimern, jedwede hinterlassene Spur sorgfältig verwischend etwa 18o Meter entfernt in einen tiefen Tümpel. Lebensmittel und Kleider erhielten sie von gutgesinnten Bürgern.

Der 13. April 1944 sollte Abwechslung für die Jungen bringen. Ein Bomber zerschellte zwischen Hüpperdingen und Grindhausen,

nachdem er Teile einer Tragfläche mit Motor verloren hatte. Ein Besatzungsmitglied war tot, zwei fielen den bereits eingetroffenen Nazis in die Hände, einige konnten entkommen und drei wurden von beherzten Patrioten dem Zugriff der durch die Landschaften rasenden Polizei entzogen. Es waren dies : Roger Korth, Elmwood/III., Joe S.Kerpan, Wankegan/III und Danno Toyes, Lake Growe/III. Zwei Mann wurden in den Waldbunker gebracht und wurden trotz der Sprachschwierigkeiten gute Freunde der Insassen. Bald wurden sie über die belgische Grenze geschleust.

## Liebe zur Heimat bis in den Tod.

Während die 5 Refraktäre unbekümmert weiter lebten zog ein Unglücksstern über ihnen auf. Westwallwächter hatten frühmorgens aus dem Fichtendickicht aufsteigenden Rauch gesehen und ihr diesbezüglicher Hinweis fand ein williges Ohr bei dem bereits genannten Nazi-Bürgermeister. Er selbst, sein ebenso fanatischer Sohn Franz und Gendarmerie in Zivil und in Uniform unternahmen bewaffnete Streifgänge in das ihnen angezeigte Gebiet. Am Abend des 23. April trafen die beiden Wolter die Refraktäre an und eröffneten das Feuer. Dieses wurde erwidert. Noch in derselben Nacht kamen die fünf nach Heinerscheid, erzählten den Vorfall, nahmen Lebensmittel in Empfang und verabschiedeten sich. Sie wollten ihr Quartier unverzüglich verlegen, doch es sollte zu spät sein.

Bereits in der Nacht vom 24./25. April hatte die auf den Vorfall hin verstärkte Gendarmerie, geleitet von Wolter, den gesamten Waldkomplex zur Cur hin umstellt. Polizeihunde wurden herangebracht. Kurz nach 11 Uhr war dann auch der geschickt angelegte und gut getarnte Bunker entdeckt. Der Hilfspolizist Weber, ein luxemburgischer Verräter, fällt mit Herzschuss vor dem Bunkereingang. Seine Maschinenpistole verstärkt die Feuerkraft der Verteidiger, welche gesinnt sind, ihr Leben so teuer wie möglich zu verkaufen. Mehrere Belagerer erhalten Streifschüsse. Nunmehr wird ob des hatnäckigen Widerstandes Rückzug befohlen. Stundenlang unheimliche Stille. Doch plötzlich das Motorengebrumm schwerer Lastwagen. Die angeforderte Polizeiverstärkung, mehr als loo Mann, geht zum Angriff über. Es ist 14.3o Uhr. Aus dem Bunker heraus feuern die Jungen in wilder Verzweiflung. Ein Polizist zieht eine Handgranate und wirft sie in den Eingang, bricht auch schon tödlich getroffen zusammen. Das Feuern hört nicht auf. Nunmehr sehen die Verfolger ein, dass sie den grossartigen Widerstand der Eingeschlossenen nicht brechen können und dass ihnen weitere Verluste bevorstehen. Eine unter starkem Feuerschutz angebrachte geballte Ladung lässt den Bunker erzittern, Erde und Bäume wirbeln hoch.

JPG to PDF Lite

Die aus den Trümmern gezogenen zerrissenen Leichen wurden unter grösster Geheimhaltung auf dem Kirchhof von Daleiden/Deutschland begraben. Erst im August 1946 wurden sie nach einer imposanten Trauerfeier dem Schoss ihrer bis in den Tod geliebten Heimat übergeben. Später als der zerstörte Bunker nicht mehr beobachtet wurde, barg man aus dem Schutt ein zerbrochenes Kruzifix, ein blutgetränktes, rotweissblau umrahmtes Bild der Grossherzogin, zerfetzt von Splittern.

Unweit des noch heute sichtbaren Bunkers wurde ein Gedenkstein errichtet.

\+ + + + + + +

Wolter, welcher den luxemburgischen Behörden am 11.Dezember 1945 übergeben wurde, hörte am 24. März 1948 vor dem Spezialgericht in Diekirch sein Todesurteil, welches am 24. Februar 1949 auf dem Schiesstand Reckenthal vollstreckt wurde.

JPG to PDF Lite

\+ + + + + + +

Charles Boddé
24 IV 1983
à Heinerscheid

Här Burgermeeschter,
Häre vum Gemengerot,
Här Paschtouer,
Eierewäert Matbierger,
Léif Komerodinnen a Komeroden,

Am Numm vum Zentralcomité vun der Fédération des Enrôlés de Force, hun ech d'Eier hei op dëser Plaz, déi folgend Wierder, zum Gedenken, un iech all ze riichten.

Dat gréisst Verbriechen dat je eng Kéier an der Geschicht um letzebuerger Vollek geschitt as, dat war wéi dee gielen Drecks-vull vu Simon, den 3o. August 1942, Verordnung iwwer d'Wehrpflicht zu Letzebuereg proklaméiert huet, fir d'éischt d'Jorgäng 192o - 1924 a spéider bis zum Jorgank 1927.

Wat dorobhin geschitt as, dat brauch ee kengem Mensch méi ze soen deen déi Zäit mat erliewt huet. Souzesoen d'ganzt letzebuerger Vollek huet sech deem entgéint gesaat, an du koum d'Standgeriicht a vill vun eise Beschten hu missen hirt Liewen afferen.

D'letzebuerger Jongen hun awer missen an dee saueren Apel bäissen, an déi verhaasste preisesch Uniform droen. Vill hun sech der Zwangsrekrutéierong entzun a si sech verstoppe gaang. Op déi verschiddenste Plazen haaten sie eng Stopp fond, déi hinnen vun hëllefsbereete Mënschen, ënner Liewesgefor, zur Dispositioun gestallt gouf. 23oo jong Letzebuerger hun sech der Wehrmacht entzun an 12oo haaten sech schons virun dëser völkerrechtswidriger Konvokatioun ofsëtze kënnen, also am ganzen 35oo Refraktären. D'Jongen soutzen op de Mansaren, op de Späicheren, am Häknapp, am Kiirchtuurm, an am Bësch an de Bunkeren.

Hei op dëser Plaz soutzen 5 Komeroden am Bësch am Bunker.
Et woren dat : déi zwéi Bridder Jungels Pierre (1923) a Jungels Alphonse (1925), d'Zwillingsbridder Kremer Alphonse a Kremer Willy (1921), an de Frères Josy (1924).

Dës 5 Jongen haaten sech hei e Bunker gemaacht, hun sech, esou gutt wéi et gaang as, ageriicht, an hun nëmmen muerges fréih gekacht. Dat as eng laang Zäit gutt esou verlaaf, bis op eemol en Onglécksstär iwwert sie gezun as. E Posten aus dem Westwall, déi Säit am Preiseschen, haat eng Kéier, muerges fréih, gesin wéi Damp aus de Fichte komm as, an dee Posten war nët méi ewéi beflass fir deem gielen Hengeschter Burgermeeschter, mat Numm Wolter, dat matzedeelen. De Wolter a säi Jong Franz, deen och

JPG to PDF Lite

vun der preisescher Bei gestach wor, sin dun op déi Plaz lassgaangen wou den Damp gesi gouf. Géint den Owend hun sie och déi 5 Refraktären erbléckst, an hun op sie geschoss.

Nach an derselwechter Nuecht sin déi Fënnef heemlech op Hengescht komm an hun de Leit erzielt wat virgefall wor. Sie kruuten hir Verflegong mat, a sin erëm verschwonnen. D'Komeroden haate wëlles, esou séier wéi méiglech, sech aus dem Bunker ze verzéien, awer et sollt leider nët méi duerzou kommen.

Den Dag drop, denschdes, de 25. Abrël 1944, war de Bunker emstallt gin vun der preisescher Gendarmerie, déi vum Wolter zesummegeruff gi war. Vu Polizeihonn begleed hun se dun de Bunker ausgemaacht. Den Hëllefspolizist Weber, e letzebuerger Verréider, fällt am Agank vum Bunker dout ëm, getraff vun enger Kugel vun de Verdédeger. Aanerer sin dervu komm mat engem Sträifschoss.

Dorobhin war et Zäit laang rouheg gin. Op eemol huet een vu fären d'Motoren vu schwéiere Camionen héieren. Polizeiverstäerkong réckt un a mat méi wéi 100 Mann gin se zum Ugrëff iwwer. Et war dat géint halwer dräi Auer nomëttes. Aus dem Bunker schéissen d'Jongen, an hirer Verzweiflong. E Polizist werft eng Handgranat an den Agank vum Bunker, a jhust an dém Moment bréccht och dëse Brigang, déidlech getraff, zesummen. Do sin dun déi preisesch Mierder an eng Roserei geroden an hun eng gaballt Ladong an de Bunker geworf, déi alles entscheed huet.

Eis doudeg Komeroden, déi förmlech a Stécker gerass waren, sin aus dem Bunker geholl gin a sin um Kiirfecht vun Doleeden (Daleiden) begruewe gin. Am August 1946 sin sie zeréckgeholl gin a leien zënter hir am Buedem vun hirer léiwer Heemecht, déi sie esou gär haaten.

Muer, de 25. Abrël gin ët 39 Jor dat dëse bluddegen Drama sech hei ofgespillt huet.
Mir, déi d'Gléck haaten d'Fräiheet erëm ze gesin, hun d'Flicht iwwerholl eis verstuerwe Komeroden nët ze vergiessen.

Neen, nët dott sit Dir, verloossen,
nët fir ëmmer vun eis gaang.
Trei, wéi Dir zu érer Heemecht,
stin zu Iech mir lieweslaang.

D'Fédératioun vun den Enrôlés de Force huet sech nun eemol virgeholl all deene Gefaalen a Vermëssten ze gedenken, egal op

JPG to PDF Lite

wat fir eng Manéier sie och hirt Liewen hu misse loossen, doheem oder an der Friemd.

Jongen a Bierger vun hei, dir huet eng Gedenkplaz ëm déi iech munnech Uertschaft am Land kënnt beneiden. D'Monumenter, déi uechtert Land do stin hun wuel nëmmen e symbolesche Wäert. Ärt awer huet echte, geschichtlechen Hannergrond. Sidd stolz dorob a maacht doraus e Pilgeruert fir d'ganzt Land.

Déi Jongen hun et verdéngt.
Eier hirem Undenken !

Ofschléissend sief dem Här Burgermeeschter a Sengem Gemengerot en häerzleche Merci gesot fir all Méih a Suerg déi Sie opbruecht hun fir des Eiereplaz esou schéin an esou propper ze haalen.

Och eisen zwangsrekrutéierte Komeroden, vun der Section du Nord, e grousse Merci dat sie matgehollef hun, dat des Gedenkstonn e wierdege Verlaaf geholl huet.

JPG to PDF Lite